PRESSEMITTEILUNG
COMMUNIQUÉ DE PRESSE

déi gréng

Luxemburg, den 8. Mee 2018

# Pressecommuniqué zur Besetzung vum vakante Poste am Staatsrot:

"Mir si schockéiert, datt eng Majoritéit vum Staatsrot, engem Gremium dat grad fir d'Iwwerpréifung vun der juristescher Konformitéit vu Gesetzprojeten zoustänneg ass, Haut decidéiert huet, sech selwer net un hiert Gesetz ze halen. Am Artikel 7 vum Gesetz iwwert de Staatsrot heescht et ganz kloer, datt bei der Decisioun de Partei-Proporz ze respektéiere ass.

Dat neit Gesetz vun 2017 iwwert de Staatsrot hat als Zweck fir déi joerzéngtelaang ontransparent Praxis vum Postegeschachers am Staatsrot endlech duerch kloer Critère ze ersetzen. Wann dëst Gesetz elo esou vum Staatsrot ausgeluecht gëtt, dann entsprecht dat weder dem Buschtaw nach dem Geescht vum Gesetz an dann hu mer e seriöen demokratesche Problem." erkläert de **Christian Kmiotek, Co-President vun déi gréng.**

„déi vun déi gréng proposéiert Kandidatin, Mme Joëlle Christen, ass eng exzellent Juristin déi op dee gesichtene Profil passt an e Refus op Basis vun hirer Qualifikatioun ass dofir net justifizéiert. De Staatsrot huet haut net nëmmen seng parteipolitesch Neutralitéit op d'Spill gesat, mee och d'demokratesch Legitimitéit vun der Chamber net respektéiert", erklärt **d'Françoise Folmer,** Co-Presidentin vun déi gréng.

**Extrait de la loi du 16 juin 2017 sur l'organisation du Conseil d'Etat - Art. 7 :**
Lors de la désignation du candidat, l'autorité investie du pouvoir de proposition :
a) veille à ce que la composition du Conseil d'État tienne compte des partis politiques représentés à la Chambre des Députés à condition d'avoir obtenu au moins trois sièges au cours de chacune des deux dernières élections législatives ;

**déi gréng - PARTI** · 3, RUE DU FOSSÉ · L-1536 LUXEMBOURG · TEL. (+352) 27 48 27 1 · GRENG@GRENG.LU · WWW.GRENG.LU
**déi gréng - GROUPE PARLEMENTAIRE** · 4, RUE DU SAINT ESPRIT · L-1475 LUXEMBOURG · TEL. (+352) 46 37 40 1 · DEIGRENG@CHD.LU